ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
29 AOUT 2016
2342

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. August 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Medien, den Här Bausseminister an d'Madame Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

RTL-Télé huet den 18. August 2016 am Owesjournal gemellt, datt, nodeems zwou chrëschtlech Hellegestatue gekäppt goufen, den OLAI RTL den Accès op de Site vum Centre Heliar an der Weilerbaach refuséiert hätt. D'Police seet an hirem Communiqué: "*Der Hausmeister meldete der Polizei zwei beschädigte Statuen an einem angrenzenden öffentlichen Fussweg hinter dem Centre Heliar*". An deem Zesummenhank hätt ech eng Rei Froen, déi ech heimat deenen zoustännege Membere vun der Regierung wéilt stellen:

1. Wéi ass dee geneeë rechtleche Status vun där Plaz, wou den Akt vu Vandalismus geschitt ass? Ass et en "ëffentleche Wee hannert dem Centre Héliar" oder ass dee Wee en Deel vum Centre Héliar ënner der direkter Autoritéit vum OLAI?
2. Firwat huet den OLAI - trotz "Nofro", wéi RTL seet - dem Kamerateam den Accès verbueden? Wat war heifir déi rechtlech Grondlag? Wat war speziell déi rechtlech Grondlag vum OLAI an dem Fall, wou de Wee en "ëffentleche Wee hannert dem Centre Héliar" si soll?
3. Ass d'Madame Minister fir Integratioun oder iergend en anere Minister vum OLAI gefrot ginn, ob RTL Accès kéint kréien oder net? Wien huet déi Decisioun, RTL keen Accès ze ginn, geholl?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Fräiheet vun der Press hei respektéiert gouf?
5. Wat si konkret déi Direktiven, déi d'Press concernéieren, wat Strukture vum OLAI oder méi allgemeng Froen am Zesummenhank mat där aktueller Migratiounspolitik ugeet?
6. Wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung aus dësem Tëschefall, fir datt d'Press an Zukunft ongehënnert hir Aarbecht ka maachen, och am Zesummenhank mat der Migratiounskris an op Site vum OLAI?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications et des Médias

Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 SEP. 2016

Luxembourg, le 15 SEP. 2016

Objet : Réponse commune de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire N° 2342 du 29 août 2016 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire N° 2342 du 29 août 2016 de Monsieur le Députée Fernand Kartheiser. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Ministre des Communications
et des Médias

Xavier Bettel

Bureaux
Maison de Cassal

5, rue Large
L-1917 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-82167/63
Fax: (+352) 47 56 62

e-mail:
info@mediacom.public.lu

**Réponse commune de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias et de Madame la Ministre de la Famille et de l'Intégration à la question parlementaire n° 2342 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

D'Statuen déi beschiedegt gi si, si keen Deel vum Site vum Centre Héliar deen den OLAI geréiert. Si sinn accessibel iwwert e Wanderwee deen duerch d'Weilerbach féiert. Deemno brauch d'Press keng Autorisatioun vum OLAI fir di Statuen ze filmen.

Den OLAI huet den Accès op de Site vum Centre Héliar refuséiert, well keng Demande am Viraus gemaach gi war an deemno d'Awunner vun deem Foyer net konnte gefrot/informéiert ginn. D'Press wollt d'Statuë filmen, déi eben net um Site vun der "Structure d'hébergement pour DPI" sinn an deemno huet d'Press dofir keen Accès op de Site musse kréien. Et ass wichteg, dass d'Privatliewe vun de Bewunner vum Centre Héliar geschützt gëtt, sou wéi all private Wunnraum.

D'Presse ass informéiert, dass eng Ufro fir den Accès op de Site vun enger Struktur fir DPI am Viraus muss gemaach ginn, fir dass d'Leit déi op de verschiddene Site wunne kënnen informéiert ginn an hiren Accord kenne ginn. E Foyer ass keng ëffentlech Platz wou jidderee kann eragoen. en OLAI kann den Accès zB aus Sécherheetsgrënn oder aus Grënn vun der Santé publique refuséieren. D'Awunner kenne selwer decidéieren, op si averstane si gefilmt oder interviewt ze ginn oder net.

Den OLAI huet mat senge Partner dës Regelen zesummen ausgeschafft an si sinn och festgehalen an de Kollaboratiounsaccorden.

De Familljeministère an den OLAI schaffe ganz transparent mat der Presse zesummen. D'Regele sinn opgestallt gi fir d'Bewunner ze schützen, net fir d'Presse ze hënneren. Den OLAI huet eng Cellule Kommunikatioun déi dat néidegt mécht fir all Ufro ze beäntwerten, am Respekt vun der Dignitéit an der Privatsphäre vun de Bewunner vun de Strukturen.